


***Programme de Stabilité et de Croissance pour la période 2023-2027***  
***Présentation à la Chambre des Députés, 25 avril 2023***

***\*Seul le discours prononcé fait foi\****


Här President,  
Honorabel Deputéiert,  
Léif Regierungskolleeginnen a -Kolleegen,  
Dir Dammen an Dir Hären,

- Wéi ech virun engem hallwe Joer de Budget fir d'Joer 2023 virgestallt hunn, waren d'**Onsécherheeten** grouss. Déi wirtschaftlech Situatioun war ugespaant, an d'Aussichten net kloer: de Krich vu Russland géingt d'Ukrain huet, no 3 Joer Pandemie, déi weltwäit, europäesch an och d'lëtzebuergesch Wirtschaft nees ënner Drock gesat.
- Och an dësem schwierigen Ëmfeld huet d'Regierung konsequent **Verantwortung** iwwerholl. Zesumme mat de Sozialpartner si staark Decisiounen geholl ginn, fir déi négativ Impakter vun der Polykris op eist Land, seng Awunner, seng Entreprisen an hir Mataarbechter, ze limitéieren.
- Haut gesi mer: dank dëse Mesuren, steet d'Land besser do, wéi een dat hätt kënne fäerten. D'**Aarbechtsplazen** konnten erhale ginn; d'**Kafkraaft konnt** gestäerkt ginn. D'**Inflatioun** zu Lëtzebuerg ass déi niddregst an der EU. Dat confirméieren déi neisten Donnéeën vun Eurostat.



*Grafik 1: Taux d'inflation annuel*

- Eng rezent Ëmfro vun der Zentralbank huet gewisen, dass d'**Confiance** bei de Consommateuren zu Lëtzebuerg sech verbessert. Se läit elo rëm iwwert dem Niveau vu virun engem Joer.
- Dës vergläichbar gutt Situatioun wéisst sech och wat den **Aarbechtsmaart** ugeet: Zu Lëtzebuerg goufen am Joer 2022 ronn 17.000 nei Plaze geschaaft. An dat a Krisenzäiten!



*Grafik 2: Création nette d'emplois*

- D'Regierung huet also gewisen, dass si och an turbulenten Zäiten déi **richteg Prioritéiten** setzt. Dass mir och dës Kris zesumme gemeeschtert kréien.
- Mir setzen domadder ee wichtegt Zeechen, heiheem an och dobaussen.
- Heiheem, well mer de **Bierger an den Entreprise** weisen: d'Regierung ënnerstëtzt déi, déi am meeschten Ënnerstëtzung brauchen.
- Dobaussen, well een den **Investisseuren** weist, dass zu Lëtzebuerg de Sozialdialog fonctionéiert, an dass d'Regierung grad an onsécheren Zäiten, fir **Previsibilitéit** suergt. Domadder stelle mer sécher, dass de Standuert Lëtzebuerg och an Zukunft kompetitiv an attraktiv bleift.

- Et muss een net wäit iwwert eis Grenze kucken, fir ze gesinn, wat geschitt, wann deen Dialog net fonctionéiert, an de soziale Fridden a Fro gestallt gëtt.
- 6 Méint no der Presentatioun vum Budget ass de PSC e wichtege Rendez-Vous, fir en éischten Zwësche-Bilan ze zéien.

### **Wat ass an deene 6 Méint geschitt ?**

- Déi geopolitesch Onsécherheete bleiwe weider héich, an d'Volatilitééit op de Marchéë grouss. Dat war och den Tenor zu **Washington op de “Spring Meetings”** vum internationale Währungsfont an der Weltbank, un deenen ech virun 2 Wochen deelgeholl hunn.
- Anescht wéi een nach d'läscht Joer hoffe konnt, gesäit et am Moment net esou aus, wéi wann kuerzfristeg mat engem Enn vun der russescher Aggressioun géint d'Ukrain ze rechnen wär.
- Ee Liichtbléck ass awer, dass d'Efforte fir Energie ze spueren hir Friichte gedroen hunn, an Alternativen zum russesche Gas konnte fonnt ginn. Och d'Temperaturen am Wanter hunn matgespillt. D'Energiepräisser leien haut méi niddereg, wéi een et hätt fäerte kënnen. Dat hëlleft ons och, eis op den nächste Wanter virzebereeden.


- Trotzdeem bleift d'**Inflatioun** an Europa weider héich. De STATEC geet dovunner aus, dass um Enn vun dësem Joer nach eng drëtt Index-Tranche fale wäert. De STATEC huet gläichzäiteg och projezéiert dass mir d'nächst Joer en Inflatounsschock erliewe kéinten, wann d'Deckelen op den Energie-Präisser, déi an den zwou éischten Tripartitte festgehale goufen, op den 31. Dezember auslafe géifen.
- Dofir war et néideg, wéi am zweeten Tripartite-Accord virgesinn, eng drëtt Tripartite anzeberuffen. Dëst ass dann och am Mäerz vun dësem Joer geschitt.
- Dee Moment, wou de Budget 2023 vun der Chamber gestemmt ginn ass, waren d'Mesuren aus dem Solidaritéitspak 3.0 natierlech nach net decidéiert. Si konnten dofir och net mat agerechent ginn. Hire kompletten Impakt op d'Staatsfinanze gesi mer dofir elo fir d'éischte Kéier hei am PSC.
- Jo, déi Mesurë kaschten. Dat wäert der och an den Zuele gesinn, déi ech iech lo presentéieren.
- Mee si kaschten net ze vill.
- **De Präis, näischt ze maachen, wär vill méi héich gewiescht, op sozialem Plang, an op ekonomeschem Plang.**
- Lëtzebuerg kann sech déi Mesuren och dofir leeschten, well des Regierung responsabel mat den ëffentleche Finanzen ëmgeet.

- D' Mesurë vum Energiedesch an de Solidaritéitspäck hu verhënnert, dass eis Wirtschaft an eng Rezessioun gerutscht ass.
- Au contraire, eis Ekonomie as weider gewuess.

### **Komme mer elo zum makroekonomeschen Kontext.**

- Sou wéi d'europäesch Texter dat virgesinn, baséiert de PSC sech op onofhängeg Donnéeën vum STATEC.
- D'Previsiounen sinn à jour gesat gi vum STATEC, fir de Mesurë vun der leschter Tripartite Rechnung ze droen.
- Dank der Weiderféierung vun de Präisdeckelen op der Energie gëtt d'Inflatioun och 2024 ofgebremst. An duerch d'Kompensatioun vun der drëtter Index-Tranche fir d'Entreprises, wéi och d'Upassung vum Steuerbarème, gëtt d'ekonomesch Aktivitéit ënnerstëtzt. Dëst spigelt sech och kloer an den Zuelen erëm.
- De **PIB-Wuesstem zu Lëtzebuerg** wäert deementspreechend am Joer 2023 bei 2,4% an 2024 bei 3,8% leien. Fir d'Period 2025-2027 leit dem STATEC säi Pronostic bei enger Moyenne vun 2,6%.
- Am Februar hat de STATEC eng Croissance virausgesot vun nëmmen 2,2% fir 2023 a vun 3,2% fir 2024.

- D'Projektioun vum PSC sinn och eng Verbesserung par rapport zum Budget, wou fir 2023 2,0% Croissance virgesi war. Fir 2024 sinn d'Zuele souguer daitlech besser: do waren am Budget nëmmen 2,4% virgesinn, also 1,4 Prozentpunkte manner.




Grafik 3: Croissance du PIB réel

- Dës Zuele sinn och daitlech besser wéi déi am Rescht vun Europa. Dem STATEC no, kéint de Wuesstem an der Eurozon dëst Joer stagnéieren – dat heescht bei 0% leien – a fir 2024, “just” bei 1,8%.

- D'Lëtzebuerger Economie géif also méi séier wuesse wéi de Rescht vun Europa. Mee maache mer eis näischt vir: dat ass keen Naturgesetz, mee dat kombinéiert Resultat vun:
  - engem gutt opgestallte Finanzsecteur,
  - enger Wirtschaftspolitik déi op Diversifikatioun setzt,
  - engem performanten Aarbechtsmaart,
  - an de Mesuren, déi d'Regierung iwwer dat läscht Joer mat de Sozialpartner zesummen op de Wee bruecht huet.
- En änlecht Bild gesäit een och bei der **Inflatioun**. Der europäescher Kommissioun no leit d'Inflatioun an der Eurozon dëst Joer bei iwwert 5,6%, an an der EU bei 6,4%. An Däitschland leit dee Wäert bei iwwer 6,3%, an a Frankräich bei 5,2%.
- Gläichzäiteg gesäit de STATEC zu Lëtzebuerg eng staark Reduktioun vum Inflatiounstaux, vu 6,3% am Joer 2022 op 3,4% am Joer 2023. Dat si bal 3 Prozentpunkte manner. D'Inflatioun soll sech weider reduzéieren op 2,8% am Joer 2024 fir zum Schluss vun der Period, 2027, bei 1,8% unzekommen – wat souguer ënnert dem Zil vun der EZB vun 2% leit.
- Och hei gesäit een: dat ass keen Naturgesetz, mee d'Resultat vun enger gudder Gestiou vun der Kris. Virun der leschter Tripartite huet de STATEC d'Präisdeierecht op 4,8% fir d'Joer 2024 geschat. Op Basis vun den Tripartite Mesurë gëtt 2024 just nach mat 2,8% gerechent. Laut STATEC wäerten des Moosnamen also d'Inflatioun am Joer 2024 em 2 Prozentpunkten erofdrécken.

- Och eisen **Aarbechtsmaart** bleift robust. Et gesäit een awer d'Repercussioun vum schwierge wirtschaftlechen Ëmfeld. D'Zuelen deiten op eng liicht Hausse vum Chômagetaux hin.
- Dës Entwécklung muss awer an de Kontext gesat ginn: De Chômage Taux vu 4,8% fir d'Joer 2022 a 4,9% fir 2023 gehéiert zu deenen niddregste vun den leschte 10 Joer. Am Verglach: virun der Covid-Kris, also 2019, louch den Taux bei 5,4% – also méi héich wéi elo.



Grafik 4: Taux de chômage au Luxembourg

- Trotz den aktuellen Ëmstänn wäert Lëtzebuerg an den nächste Jore weiderhin nei Aarbechtsplaze schafen, a schneit domadder däitlech besser of wéi d'Moyenne vun der Eurozon. Zum Beispill rechent de STATEC dëst Joer mat engem Wuesstem vum Emploi vun 2,7% zu Lëtzebuerg, an an der Eurozon mat 0% – also kengem Wuesstem.
- Et ass och keen Naturgesetz, dass den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg méi performant ass wéi deen am Ausland, mee d'Resultat vun deene richtege politesche Choix'en, déi d'Regierung gemaach huet. Et ass wichteg, hei och an Zukunft d'Situatioun vu ganz no ze suivéieren, grad an Zäite wou et vir d'Betribler ëmmer méi schwéier gëtt Talenter unzezéien an ze fideliséieren.

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

**Déi verschidden Indicateure weisen, dass dat makroekonomescht Ëmfeld sech säit 6 Méint verbessert huet.**

- Bei der Presentatioun vum Budget am Oktober hat ech kloer gesot, dass ech **Steiererliichterungen** géif op de Wee bréngen, wann d'Entwécklung dëst géif zouloossen.
- D'Zuelen déi ech iech elo genannt hunn, confirméieren, dass d'Situatioun, a virun allem och d'Perspektiven, sech iwwer déi läscht Méint verbessert hunn.


- Dofir war et méiglech, am Kader vum **Solidaritéitspak 3.0** strukturell Steiererliichterungen op de Wee ze bréngen, déi d'Bierger iwwer déi nächst Joren däitlech entlaaschte wäerten.
- Fir dëst Joer gëtt e Steierkredit agefouert, deen op enger **Upassung vum Steierbarème** vun 2 Indextranchë baséiert. Vun nächstem Joer un, gëtt de Steierbarème dann ëm 2,5 Indextranchen adaptéiert.
- Dozou kommen d'Steiermesuren am Beräich vum **Logement**. D'Erhéijung vum bëllegen Akt an d'Eropsetze vum Plaffong vun den Zënsen op engem Prêt, déi vun de Steieren ofgesat kënne ginn, kommen direkt de Leit ze gutt. Fir dass méi abordabel Wunnengen op de Locatiouns-Marché kommen, ginn zousätzlech d'Revenuen aus der *Gestion locative sociale* elo zu 75% exoneréiert.
- Vum nächste Joer un gëtt och e spezifeschen **Klima-Steierkredit** agefouert. Domadder féiere mir déi existéierend Kompensatioun fir d'CO2 Steuer weider. Am Sënn vun der Transparenz ass déi elo net méi am Crédit d'Impôt Salariés/Pensionnés/Indépendant dran, mee gëtt als separate Steierkredit ausgewisen. Dëse Steierkredit kënnt haaptsächlech de Leit méi ënnen op der sozialer Leeder ze gutt, wat sozial gerecht ass.
- Zesummegeholl wäerten dës steuerlech Mesuren ronn 300 Milliounen dëst Joer kaschten, a ronn 460 Milliounen am Joer 2024. Och an de Joren duerno beleeft sech de strukturellen Impakt vun dëse Mesuren op ronn 460 Milliounen pro Joer.

## Wat heescht dat fir d'Staatsfinanzen?

- Wéi de Budget am Hierscht deposéiert ginn ass, ass den **Defizit vum Zentralstaat** op 1,4 Milliarden Euro am Joer 2022 geschat ginn.
- Wéi mer entretemps wëssen, konnt dëst Resultat em méi wéi eng hallef Milliard verbessert ginn, och well d'Land besser duerch d'Kris komm ass, wéi d'läsch Joer nach ugeholl.
- Fir dëst Joer war am Budget um Niveau vum Zentralstaat een Defizit vun 2,8 Milliarde virgesinn. Hei gesi mer laut deenen neisten Zuelen eng kloer Verbesserung. 2023 wäert den Defizit elo bei 2,4 Milliarde leien. An dëst trotz den zousätzleche Käschte vun der drëtter Tripartite.
- Dofir ginn et virun allem 2 Grënn:
  - Eis Wirtschaft ass méi resilient wéi erwaart. D'Entreprisë froen dofir manner Aiden un, wéi virgesinn, an entspriechend ginn der och manner ausbezuelet.
  - Well d'Wirtschaft besser leeft wéi geduecht, sinn och d'Recetten d'lescht Joer méi staark gewuess wéi geplangt, wat ee positiven "effet de base" fir dëst Joer mat sech bréngt.

- Dëst obwuel mer 2023 ronn 250 Milliounen an den EU Budget nobezueelt hunn. Dës zousätzlech Contributioun ass e "One-off", also eemoleg, an ass bedéngt duerch déi besser wéi erwaarte Performance vun der Lëtzebuerger Ekonomie iwwert 10 Joer gesinn (2010 bis 2020). Eng aner eemoleg Depense sinn d'Käschte vum Militärsatellit vu ronn 190 Milliounen Euro déi och dëst Joer comptabiliséiert ginn.
- Wat d'Joer 2024 ugeet, gesi mir eng liicht Verschlechterung par rapport zu deem wat fir dat Joer am Budget 2023 virgesi war. Dat läit virun allem un der Verlängerung vun de Mesuren déi d'Energiepräisser stabiliséieren. Den Impakt chiffriert sech hei op 354 Milliounen Euro (am Joer 2024). Dat ass keng strukturell Depense.
- Duerch des Mesurë schafe mir Previsibilitéit an drécken d'Inflatioun weider erof. Zousätzlech spillt vun 2024 un d'Upassung vum Barème un d'Inflatioun vun 2,5 Tranchen.
- Wann ech all d'Mesuren zesumme rechnen, da komme mer op ee Gesamt-Käschtepunkt vu 425 Milliounen am Joer 2023, an 907 Milliounen am Joer 2024. Dat ass och den ordre de grandeur deem ech no der leschter Tripartite an der Chamber ugekënnegt hat.
- D'Verschlechterung am Joer 2024 ännert awer näischt um mëttelfristege positiven Trend.


- Den **Defizit** beim Zentralstaat wäert vun 2,5 Milliarden Euro (2,8% vum PIB) am Joer 2024 op 1,9 Milliarden Euro (2,1% vum PIB) am Joer 2025 erofgoen (well d'Energie-Mesurë vum Solidaritéitspak op den 31. Dezember 2024 auslafen).



*Grafik 5: Evolution du solde de l'administration centrale*

- Fir d'Joren duerno, reduzéiert sech den Defizit weider a läit dann 2027 bei 1,6 Milliarden.
- D'**Trajectoire** vum Gesamtstaat huet déi selwecht Tendenz wéi déi vum Zentralstaat, a weist och eng Verbesserung iwwert d'Joren op.
- Den Defizit vum Gesamtstaat geet vun 1,2 Milliarden (1,5% vum PIB) am Joer 2023 op 1,5 Milliarden (1,7% vum PIB) am Joer 2024 erop. Duerno geet en erëm konsequent erof.


- 2025 läit den Defizit da bei 900 Milliounen oder 1,0% vum PIB, an am Joer 2027 bei ronn 890 Milliounen oder 0,9% vum PIB. Mir gesinn also tèschent de Joren 2024 an 2027 eng Verbesserung vum Defizit vu ronn 600 Milliounen Euro.



Grafik 6: Evolution du solde des administrations publiques

Dës Entwécklung spigelt sech dann och um Niveau vun der Staatsschold erëm:

- Am Budget 2023 war de **Scholdeniveau** op 26,3% vum PIB fir 2023, an op 29,5% am Joer 2026 estiméiert ginn. Laut PSC wäerte mer Enn 2023 bei 26,1% leien, an 2026 bei 28,6%.




*Grafik 7: Evolution de la dette publique*

- Hätte mir eng Upassung vun der Steiertabell vu 7 Tranchen amplaz 2,5 gemaach, wéi Verschiddener dat froen, hätt ons dat 840 Milliounen Euro pro Joer kascht. Dat hätt eis Dette schonn 2025 iwwer 30% gedréckt. Mir hunn hei also de responsible Choix gemaach.

**Dës Zuelen ënnersträichen déi nohalteg a responsabel Ausriichtung vun eiser Finanzpolitik:**

- Par rapport zum Budget 2023 huet d'Trajectoire vun der Schold sech net verschlechtert, mee au contraire souguer liicht verbessert – an dat trotz de Mesuren aus der leschter Tripartite.



*Grafik 8: Comparaison de la dette publique*

- Dëst beweist, dass d'Regierung de finanzielle Spillraum, deen sech iwwer déi läscht Méint erginn huet, voll ausgenutzt huet, fir de Leit hir Kafkraaft ze stäerken, an d'Entreprises ze ënnerstëtzen.
- Gläichzäiteg si mir awer net iwwer dat erausgang, wat d'Zuelen erlaabt hunn.

- Et wär net responsabel gewiescht, zu dësem Zäitpunkt nach weider Erliichterungen op de Wee ze bréngen, well déi hätte mat zousätzlecher Schold finanzéiert misse ginn. Net just d'Privatleit an d'Entreprises, och de Staat, ass vun deene méi **héijen Zënsen** betraff. D'Zënslaascht wäert dofir vun 128 Milliounen dëst Joer, bis op 510 Milliounen am Joer 2027 eropgoen. Schonn eleng dofir ass et ubruecht, d'Progressioun vun der Staatsschold am Grëff ze behalen.
- Et wär och net responsabel gewiescht, elo zousätzlech strukturell Mesuren ze huelen, an sech domadder kee finanzielle Spillraum méi ze loossen, fir weider Akzenter ze setzen. Fir weider Akzenter ze setzen, do wou et am meeschte gebraucht gëtt, besonnesch am Logement.
- **Hei gouf de richtegen Equiliber fonnt tëscht deem wat néideg, an deem wat méiglech war.**
- **Ech maachen de Leit keng Versprieche, déi net anzehale sinn.**
- Dofir well ech nach 3 Punkten ervirhiewen:

1) Éischtens: Jo, d'Situatioun verbessert sech par rapport zu deem, wat am Budget virgesi war. Mee, mir wäerten iwwer **déi ganz Period een zolitten Defizit hunn**. Dat ass a Krisenzäiten net anormal. Trotzdeem muss ee mëttelfristeg dofir suergen d'Depensen op engem verstännegen Niveau ze halen an den Defizit erëm zrëckzefueren. Dëst fir och an Zukunft den néidege finanzielle Spillraum ze hunn.

2) Zweetens: D'Lëtzebuerger Economie an eis Staatsfinanze si resilient. D'Zuele beweisen dat. Gläichzäiteg weisen d'Zuele vum éischten Trimester vum dësem Joer vum eisen dräi Steierverwaltungen awer och, dass d'Recetten net méi sou spruddele wéi soss. Mir ware laang drun gewinnt, dass **ëmmer méi Recetten erakomm sinn**, wéi am Budget virgesinn. Dat ass aktuell net méi de Fall. Mir müssen hei déi weider Entwécklung genee am A halen, fir ze gesinn, op dat net vläicht den Ufank vum engem neien Trend ass, op dee mer eis dann entspriechend astelle müssen.

3) Drëttens: Um Niveau vum der **Sécurité sociale** gesi mir, dass d'demographesch Realitéite lues awer sécher dozou féieren dass den Iwwerschoss vum der Sécurité sociale progressiv erofgeet. 2023 rechne mer nach mat engem Iwwerschoss vum iwwert enger Milliard Euro. 2027 wier en dann nach just ronn hallef sou héich. Dëst ass eng strukturell Erausforderung, där d'Land sech méttelfristeg stelle muss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

- D'Zuele vum PSC weisen, dass d'Lëtzebuerger Economie an eis Staatsfinanzen **resilient** sinn. Gläichzäiteg sätzen déi rezent Krisen, déi strukturell Onsécherheeten an déi nei Realitéiten, d'Staatsfinanzen ënner Drock.
- Duerch eng responsabel Finanzpolitik hu mir et awer fäerdeg bruecht, och an dësem schwierigen Ëmfeld **Stabilitéit a Vertrauen** ze schafen.

- Lëtzebuerg ass eent vun deene wéinege Länner dat ëmmer déi wichtegst europäesch Budgetsregele respektéiert huet.
- Während de Krisen, sinn déi **europäesch Budgetsreegelen** während 3 Joren ausgesaat gin, via déi sougenannte „general escape clause“. Vun nächstem Joer un, spillen d'Reegelen awer nees voll.
- Allerdéngs ass och eng Diskussioun amgaang iwwer eng Reform vun dese Reegelen. Et ass nach net kloer, wéi eng Reegelen an Zukunft wäerte spillen.
- Loosst mech hei just soen dass ech mech och op europäeschem Niveau dofir asetzen, dass mir eng responsabel a realistesch Budgetspolitik féieren. Natierlech müssen déi Reegelen op nei Realitéiten ugepasst ginn. Mir brauchen nohalteg gutt opgestallte Staatsfinanzen. Dat dierf hei net vergiess ginn, och net fir Lëtzebuerg.

**D'Nohaltegkeet vun eise Staatsfinanzen ass iwweregens eppes, wat och déi grouss international Ratingsagence ganz genoe suivéieren.**

- Si confirméieren, dass eis Finance gesond sinn, an hunn iwwer déi läscht Méint den AAA mat stabiller Perspektiv all Kéiers confirméiert.
- Si maachen dat, well se drop vertrauen, dass Lëtzebuerg, wéi an der Vergaangenheet, och an Zukunft wäert eng responsabel an nohalteg Finanzpolitik ëmsetzen. An och well se dovunner ausginn, dass zu Lëtzebuerg d'Limitt vun 30% aus dem Koalitiounsaccord respektéiert gëtt.

- Dofir ass et weiderhi wichteg, dass mer den Defizit à terme nees eroffueren, an d'Progressioun vun der Staatsschold am Grëff behalen. Als Land mat enger oppener an interconnecteierter Ekonomie si mir Risiken ausgesat, déi mir net kënnen beaflossen. Et ass en fait, dass mir als klengt Land méi vulnerabel si wéi aner Länner.
- Zu dëse Risiken gehéieren:
  - déi méi schwach Wuesstemsprognosen,
  - Schwankunge vun den Energiepräisser,
  - geopolitesch Tensiounen,
  - protektionistesche Tendenzen, souwéi
  - d'Entwécklung vun der Zënspolitik vun der EZB.
- Weider ass et wichteg d'Konsequenze vun der Reform vun der **internationaler Gesellschaftsbesteuerung** am Bléck ze halen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dës Reform-Beméiung voll a ganz. Mee de konkreten Impakt op eis Wirtschaft, an domadder op eis Recetten, kann zu dësem Zäitpunkt nach kee genau virausgesinn. Dat wäert och dovun ofhänken, wéi d'Entreprise an di aner Länner sech verhalen wäerten.
- Längerfristeg bleift de **Klimawandel** an seng Konsequenzen och en groussen Defi, deen d'Staatsfinanzen nohalteg belaaschte wäert. An den nächste Jore brauche mer substantiell Moyenen fir den Energie- a Klimaplang fir Lëtzebuerg, de PNEC, emzesetzen.

- Och an der **Defense** an am **Logement** wäerten nach budgétaire Efforten néideg ginn.

**Kee vun eis huet eng Kristallkugel. D'Onsécherheete bleiwe grouss.**

- Dat gesäit een och zum Beispill am FMI sengem “*World Economic Outlook*” vum Fréijoer, an deem fir Lëtzebuerg mat enger Croissance vun 1.1% fir 2023 an 1.7% fir 2024 gerechent gëtt.
- Dësen Ënnerscheed zu de STATEC Zuele kënnt engersäits, well aner Referenzdaten a Methodologïe fir d'Berechnunge benotzt ginn. Anerersäits awer och, well den FMI domat rechent, dass de Finanzsystem méi laang ënner Drock bleift, an d'Croissance weltwäit duerch d'Zënspolitik vun den Zentralbanke méi negativ kéint beaflosst ginn.
- Dem FMI seng Croissance-Zuele fir d'Weltwirtschaft, Europa a Lëtzebuerg sinn deementspreechend als eng **Warnung** ze interpretéieren, déi een natierlech och ganz eescht muss huelen. Mee si hu näischt spezifesch mat Lëtzebuerg ze dinn.
- Mee souguer mat senger méi negative Wuesstems-Prognose geet den FMI dovunner aus, dass den Niveau vun der lëtzebuergescher Schold ënner 30% bleiwe wäert.

**Jo, d'Finanzpolitik vun der Regierung iwwer déi läscht Joren ass geprägt vun der Gestoun vun der Polykris. Mee der Regierung hir Prioritéite si net vergiess ginn.**

- Nieft den Hëllef an de Steiererliichterungen, déi ech schonn ugeschwat hunn, spillt hei virun allem eis **ambitiéis Investitiounspolitik** eng zentral Roll.
- Öffentlech Investissementer sinn e wesentleche Pilier vun der Budgetpolitik vun der Regierung. Mam PSC confirméiere mir dass d'Investitiounen héich gehale ginn; fir d'Wirtschaft ze ënnerstëtzen, Aarbechtsplazen ze erhalen, a fir onst Land op d'Zukunft virzebereeden.
- Dat maache mir mat engem Invest vun iwwert 3 Milliarden Euro pro Joer. Mir investéieren massiv an den Ëmwelt- a Klimaschutz, an d'Mobilitéit, an de bezuelbare Wunnraum, an d'Santé an an d'Education.
- Mat Investitiounen an erneierbar Energien bekämpfe mer net nëmmen de Klimawandel. Si maachen eis och manner ofhängeg vun auslänneschen Energiesourcen an – an dat ass mir wichteg – mir bremsen d'Inflatioun, déi vun den Energiepräisser gedriwwen gëtt.
- Et geet also net nëmmen em d'Kris. Mir müssen och weiderhin Effort'en maachen fir d'Land op zukünfteg Defis'en ze preparéieren. Ech well hei besonnesch op de **Logement** agoen.

- D'Regierung ass sech bewusst dass d'Situatioun um Wunnengsmaart schwiereg ass. Dat ass net nëmmen zu Lëtzebuerg esou, mee och am Ausland. Des Evolutioun hänkt virun allem mat der Präisdeierecht bei de matières premières a mat der Entwécklung vun der Zënspolitik vun der Europäescher Zentralbank zesummen. Mee d'Wunnen war zu Lëtzebuerg awer schonn virun deier, an dat haaptsächlech well d'Demande méi grouss war an ass, wéi d'Offer vu Logementen.
- Dëst Ongläichgewicht tëscht Offer an Demande huet et Spekulanten erméiglecht, op Käschten vun der Allgemengheet enorm Plus-Valuen ze generéieren. Dofir huet d'Regierung schonn di lescht Joren eng ganz Rei Mesuren op den Wee bruecht. Dorënner haaptsächlech d'Mobiliséierungs- an d'Leerstandssteuer. Mam Baulandvertrag wäerten et an Zukunft keng nei Bauterrainen méi ginn, mat deene Spekulationen ka bedriwwen ginn.
- Donieft ass de Staat och selwer méi aktiv am Wunnengsbau ginn. Dëst virun allem mam Akraafttriede vum Pacte Logement 2.0., deem et der ëffentlecher Hand erlaabt hire Parc immobilier automatesch bei all gréisserem privatem Immobiliëprojet mat ze vergréisseren. Nëmme wann d'Gemengen an de Staat hiren eegenen Immobiliëpark konsequent ausbauen, wäerte mir mëttel- a laangfristeg dofir suerge kënnen, datt all Bierger Accès zu abordablem Wunnraum huet.

- Wéi de PSC weist, ginn d'Investissementen am Logement konsequent an d'Luucht. Fir méi abordabele Wunnraum zu Lëtzebuerg ze schafe ginn iwwert d'Period 2022-2026 ronn 1,6 Milliarden Euro investéiert.
- D'Regierung hält d'Evolution um Marché am Aa. Mir gesinn, dass d'Zuel vun den Transaktiounen wäit ënnert deem vum leschte Joer leien. Meng Servicer sinn dofir am enken Austausch mam Logementsministère fir Projeten opzekafen déi soss géife brooch leien.
- Als Finanzministesch sinn ech prett, alles dofir ze maachen, datt déi aktuell Onsécherheet um Immobiliëmarché net derzou féiert, dass d'Logementsproblematik sech zousätzlech verkomplizéiert. Dëst si mir virun allem de Jonke schëlleg, déi sech haut, muer an iwwermuer op d'Sich no enger eegener Wunneng zu Lëtzebuerg maachen.
- Mir hunn als Regierung d'Hand ausgestreckt a maachen all den Acteuren um Marché d'Offer, zesumme mam Staat Projeten elo ze realiséieren, wou se batter néideg sinn. De Staat ass bereet, dofir Suen an de Grapp ze huelen. Et sinn dëst gutt investéiert Suen, well mir mat all Projet, dee mir elo realiséieren, eise Wunnpark nohaltegr vergréisseren a fir déi nächst Generatiounen honnerte vun zousätzleche Wunnengen zur Verfügung stellen. Mee ech soen awer genoe sou kloer: et ass net dem Staat seng Aufgab de Promoteuren hir Margen ze garantéieren.
- Och si musse Waasser an hire Wäi schëdden.

- Wann d'Parameter – a besonnesch och de Präis – stëmmen, sinn ech bereet esou Akeef z'ënnerstëtzen, fir op eng séier an effikass Manéier neien abordabele Wunraum ze schafen, a gläichzäiteg d'Aktivitéit am Bau um Rullen ze halen. Mee ech sinn net bereed, mat Steiergelder d'Logementspräisser kënschtlech héisch ze halen. Solidaritéit ass kee *Sens unique*! Dofir riichten ech hei en Appell un all private Promoteur, deem op senge Projete sëtze bleift: bedeelegt iech um Akt vun der géigesäiteger Solidaritéit, a kommt op eis duer wann dir un engem éierlechen Effort am Interêt vun eis alleguer interesséiert sidd.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

- Bei der Presentatioun vum Budget vun dësem Joer sot ech, dass dëse Budget « realistesch, solidaresch a responsabel » ass.
- 6 Méint méi spéit confirméieren d'Zuele vum PSC meng Ausso.
- Et ass also mat engem gudde Gewësse wou mer dëse Plang op Bréissel schécken.
- An engem schwierege geopoliteschen a makroekonomeschen Ëmfeld, huet d'Regierung Verantwortung iwwerholl. Mir hunn an d'Previsibilitéit an an d'Stabilitéit investéiert.
- Mir hunn de finanzielle Spillraum genotzt, fir d'Leit an d'Entreprise konsequent ze ënnerstëtzen.
- Mir hunn d'Investitiounen héich gehalten, fir Lëtzebuerg optimal op d'Zukunft virzubereeden.
- Mir hunn gläichzäiteg d'Trajectoire vun den ëffentleche Finanzen am Bléck gehalten, well stabil Staatsfinanzen eist Land stäerken.
- Dat ass eng equilibréiert an zukunftsorientéiert Finanzpolitik. Dat ass déi Finanzpolitik, fir déi d'Regierung steet.
- Se ass am Interessi vun eisem Land haut, mee och fir zukünftge Generatiounen.

- Dat ass déi Finanzpolitik, fir déi ech als Finanzministesch stinn.
- Ech soen iech Merci.